

Pressematdeelung

Ëmmer méi Seniorinnen a Senioren informéieren d'AMIPERAS, dat si et bal net méi erdroen duerch de Covid-19 während Méint praktesch an enger sozialer Isolatioun liewen ze mussen.

Dobäi kënnt, dat an eiser Gesellschaft Bemierkunge falen, dat et egal wier ob si direkt um Covid-19 verstierwen oder e puer Méint duerno. Esou skandaléis Aussoe sinn net nëmmen onmoralesch an onmënschlech mee si verstärke bei de Senioren d'Gefill dat si iwwerflësseg sinn.

Duerch esou Aussoe besteet erëm d'Gefor, dat wat mir als déi gréisst Altersorganisatioun ëmmer erëm gefuerdert hunn, nämlech eng solidaresch Gesellschaft an där Jonk an Al zesummen als gläichwäerteg Partner liewen, zerstéiert gëtt.

Esou hunn eis och Seniore folgend Bemierkung gemaach: „Mir gehéiere jo zu deene vulnerabele Leit, da sollen si eis eben eng lescht Sprëtz maachen“. Mir müssen awer bedenken, dat de Wuelstand an dem mir haut lieve vun där eelerer Generatioun geschaaft gouf. Mir maachen eis als Stëmm vun de Senioren enorm Suergen, well de Mangel u soziale Kontakter huet Réckwierkung souwuel op déi kierperlech ewéi och op déi séileg Gesondheet vun den eelere Leit.

Dofir maache mir en Appell un all Altersgruppen eis Fuerderunge vun enger solidarescher Gesellschaft ze ënnerstëtzen, all negativ Äusserungen zesummen ze bekämpfen a sech asetzen, dat d'Senioren all Méiglechkeete gebuede kréien fir och dës schwéier Zäit besser ze erliewen. Mir wëssen och, dat et momentan einfach onméiglech ass fir sech op eng sécher Manéier ze treffen. Dofir rífft d'AMIPERAS all Senioren op, sech un déi virgeschriwwe Reegelen ze halen a sech impfen ze loossen, dat mir esou schnell ewéi méiglech erëm soziale Kontakt ouni Gefor fleege kënnen.

D'AMIPERAS informéiert all Senioren, dat si e Service (tel.: 40 22 40) huet deen hir Kommissioun maache geet, si bei den Dokter asw. féiert.

Mir hunn och e Kontakttelefon (tel.: 40 22 22) wou jiddereen uruffe ka wann e Problemer huet, sech eleng fillt oder einfach schwätze wëllt.

Vergiesst ni, d'AMIPERAS ass do fir lech.

Schlussendlech rífft de Verwaltungsrot vun der AMIPERAS all politesch Verantwortlech op, all Moosnamen ze huelen, dat d'Senioren an dëser schwéierer Zäit all Ënnerstëtzung kréien, déi hinnen et erméiglecht e wüerdgt, gesond a selbststänneg Liewen ze féieren.

Fir de Verwaltungsrot vun der AMIPERAS

René PIZZAFERRI
Nationalpresident

Edmée ANEN
Generalsekretärin